WHO WANTS TO BE THE NEXT KLASSESPRIECHER ?

WAT ASS E GUDDE KLASSESPRIECHER?

- ka sech präzis an héiflech ausdrécken
- ass en Teamplayer
- ka gutt nolauschteren
- ass zouverlässeg a gerecht an huet eng gesond Portioun Selbstbewosstsinn
- ass onparteiesch an huet keng Viruerteeler
- ka Konflikter schlichten

WAT SINN D'RECHTER VUN ENGEM KLASSESPRIECHER?

E Klassespriecher

- däerf sech oppen ausdrécken
- kritt en oppent Ouer vun der Schoulcommunautéit (Matschüler, Proffen, Direktioun)
- soll steets um Lafende gehale ginn iwwer nei Projeten, Reformen, Aktivitéiten, asw.

WAT SINN D'FLICHTEN VUN ENGEM KLASSESPRIECHER?

E Klassespriecher

- ass de Porte-Parole vun der Klass
- representéiert seng Klass virun den Enseignanten, der Direktioun, dem Sekretariat, dem SePAS, dem SE an dem Schülercomité
- huet e reegelméissegen Austausch mam Régent/mat der Régente vun der Klass a mécht dës opmierksam op méiglech Problemer
- gëtt him matgedeelten Informatiounen un d'Klass weider
- muss sech aktiv un der Organisatioun vu parascolairen Aktivitéite bedeelegen

WAT ASS NET D'ROLL VUN ENGEM KLASSESPRIECHER?

De Klassespriecher

- ass net de « Chef » vun enger Klass
- muss net « d'Kummerkastentante » fir jidderee sinn
- ass net verantwortlech fir d'Dote vu senge Matschüler



WEI GËTT D'ROLL VUM KLASSESPRIECHER UNERKANNT?

- D'Klassespriecher erhalen en **Diplom** um Enn vum Joer, mat deem hir Aarbecht an hiren Asaz valoriséiert gëtt.
- 2 Klassespriecher pro Cycle erhalen e **klenge Kaddo** um Enn vum Joer, wa si duerch hiert Wierken aus der Mass erausgestach hunn.